PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
22 JUIL. 2019
935

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur, Gläichheet tëscht Fraen a Männer, Bildung, Famill an Integratioun & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

An de leschte Joren huet d'Regierung eng sëlleche Schrëtt ënnerholl fir d'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg méi accessibel ze maachen. D'Famillje goufe finanziell entlaascht andeems d'Kannerbetreiungsstrukturen (Crèchen, Maisons relais, Foyer du Jour) duerch Bäihëllefe vum Chèque Service Accueil (CSA) méi abordabel gemaach goufen. Des Weidere steigt d'Unzuel u Betreiungsstrukturen konstant, wat et ëmmer méi Elteren erlaabt Gebrauch vun dëse Servicer ze maachen.

Leider ass et esou, dass d'Ëffnungszäite vun de Crèchen et villen Eltere nach ëmmer schwéier bis onméiglech maachen, d'Strukturen ze notzen. Ee Groussdeel vun de Crèchë maache fréistens um 6h30 hir Dieren op a schléisse schonn um 18h00, voire 19h00. Och d'Dagesmammen an d'Mini-Crèchen, déi dacks méi kaschten, wéi d'Crèchen, decken dëse Manktem net. Ee groussen Deel vun eiser Gesellschaft schafft leider net no de klassesche Büroszäiten vun 8h00-17h00, mee och bis 20h00 oder méi spéit.

D'Madamm Ministesch fir d'Famill huet an der Chamberssëtzung vum 18. Juni 2019 hir Positioun verdeedegt, dass d'Fra net muss wielen tëscht schaffe goen a Kanner kréien, mee dass si sech mat Hëllef vun der staatlecher Kannerbetreiung emanzipéiere kann. Déi aktuell Auerzäiten an de Kannerbetreiungsstrukturen stinn dëser Visioun allerdéngs aktuell am Wée.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Besëtzt d'Regierung Kenntnis dovunner, dass d'Auerzäiten, déi aktuell an der Kannerbetreiung existéieren, et ville Mënschen net erlaabt Gebrauch vun de Kannerbetreiungsstrukturen ze maachen?

2. Fir wéi vill Kanner gouf 2017, 2018 an 2019 eng Demande fir den CSA gemaach? Wéi vill Kanner, deenen hir Demande akzeptéiert gouf an déi esou vum CSA profitéiere kéinten, sinn aktuell net an enger Kannerbetreiungsstruktur ageschriwwen?

3. Wéi vill Kanner profitéieren aktuell vum CSA? Mat wéi ville Kanner rechent d'Regierung fir d'Joren 2020 an 2021?

4. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuele fir d'Ëffnungszäite vu Kannerbetreiungsstrukturen un d'Besoine vun der Bevëlkerung unzepassen? Wäert d'Regierung heizou legiferéieren? Huet d'Regierung schonn Bäihëllefe, déi méi laang Ëffnungszäiten promouvéieren, als Optioun consideréiert?

5. Wéi vill Demande goufe säit dem leschtem Joer fir Mini-Crèchen agereecht? Wéi vill

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

vun deenen Demandë goufen accordéiert? Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Mesure de Problem vun den Auerzäite geléist huet oder a noer Zukunft léise wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 26 août 2019

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 935 de Monsieur le Député Marc Goergen

Ad 1 + Ad 4)

D'Ëffnungszäite fir déi non-formal Bildungsstrukture kënnen am Beräich vun de "Services d'éducation et d'accueil" (SEA) d. h. de Crèchen, de Foyer-de-jouren an de Maison-relaise laut Reglementatioun (RGD modifié du 14 novembre 2013) tëschent 5.00 Auer an 23.00 Auer festgeluecht ginn. De Gestionnaire kann seng Ëffnungszäiten, jee no Besoin, an dëser Zäitspan definéieren. Datt déi non-formal Bildungsstrukture bis haut dëse méiglechen Ëffnungszäiten net Rechnung droen, läit wahrscheinlech drun, datt d'Demande fir eng Betreiungsplaz viru 6:30 oder no 19:00 Auer net grouss genuch ass, fir datt et sech rentéiere géing, Strukturen opzeloossen. Verschidden Träger hunn an der Vergaangenheet dës verlängert Ëffnungszäiten iwwert eng länger Period ugebueden a mangels Demanden nees agestallt.

Am Beräich vun den Dageselteren ass fir d'Betreiung iwwer Nuecht an de Weekend eng méi héich finanziell Bedeelegung wéi am Dag vum Staat via Chèque-service accueil (CSA) virgesinn. Mat der Aféierung vun dëser zousätzlecher Finanzéierung (Oktober 2017) geet d'Zuel vun de Kanner, déi no atypesche Betreiungszäiten ageschriwwe sinn, an d'Luucht.

Ad 2)

All Kand tëschent 0 an 12 Joer (oder doriwwer eraus, wann et nach am Enseignement fondamental ass), dat zu Lëtzebuerg wunnt, an all Kand, wou op d'mannst een Elterendeel zu Lëtzebuerg schafft an en EU-Bierger ass, huet Recht op den CSA.

Évolution du nombre d'enfants bénéficiaires du chèque-service accueil (CSA)

Nombre d'enfants	décembre 2017	décembre 2018	juin 2019
Enfants résidents	46 851	49 157	51 148
Enfants frontaliers	1 240	1 839	2 243
Total	**48 091**	**50 996**	**53 391**

(cf. rapport d'activité MENJE 2018)

127-0001188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Am Dezember 2018 hunn 49.157 Kanner, déi zu Lëtzebuerg liewen, den CSA geltend gemaach. Laut Statec louch d'Zuel vun de Kanner tëschent 0 an 12 Joer, déi op den Datum vum 1. Januar 2019 zu Lëtzebuerg gelieft hunn, bei 85.659. Deemno hu 57% vun de Kanner Enn 2018 vum CSA profitéiert.

Ad 3)

D'Zuel vun de Kanner, déi zu Lëtzebuerg liewen a vum CSA profitéieren, ass an de leschten 30 Méint ëm ongefëier 5% pro Joer an d'Luucht gaangen. D'Zuel vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, klëmmt nach ëmmer, wat sech och um Niveau vum CSA bemierkbar mécht. Säit September 2016 kënnen och Kanner vun den Frontaliere vum CSA profitéieren. D'Zuel vun de Kanner, déi vum CSA profitéieren, geet deementspriechend iwwert déi lescht Jore progressiv erop an huet sech ëm déi 5% agependelt. Dat heescht, fir d'Joer 2020 gëtt d'Zuel vun de Kanner, déi vum CSA profitéieren, op 56.061 estiméiert a fir d'Joer 2021 op 58.864.

Ad 5)

D'Reglement betreffend den Agrement fir d'Mini-crèchen ass de 7. Januar 2019 a Kraaft getrueden. Et sinn eng Rei Demanden an der Prozedur, mee et gouf aktuell nach keen Agrement fir eng Mini-crèche ausgestallt. Hei gëllen déi nämmlecht Konditioune fir d'Ëffnungszäite wéi bei den SEA.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse